LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 844x50f8a

Luxembourg, le 25 juillet 2023

**Concerne :** Pétition n°2698 – Pétition sur les loyers

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma prise de position à la pétition 2698 sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes salutations les meilleures.

**Yuriko Backes**
Ministre des Finances

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144 000003 20040525 FR

**Prise de position de Madame la Ministre Yuriko Backes concernant la Pétition n°2698 – Pétition sur les loyers**

An der Petitioun n°2698 leet de Petitionär seng Iwwerleeungen iwwert d'Deductibilitéit vun den Zënsen op engem Immobiliëprêt duer a proposéiert, datt e Locataire och säi Loyer kéint steierlech ofsetzen.

De Petitionär weist zu Recht drop hin, datt ee Locataire säi Loyer steierlech net kann ofzéien, am Géigesaz zu engem Proprietär vun engem Eegenheem, dee seng Scholdzënsen ënnert verschidde Konditioune a Limitten kann ofsëtzen.

Et ass awer drop hinzeweisen, datt Organisatiounen, wéi den FMI oder d'EU, Lëtzebuerg ëmmer nees kritiséieren, datt d'Scholdzënsen um Eegenheem zu Lëtzebuerg nach ëmmer steierlech ofsetzbar sinn, well dat een Impakt op d'Demande huet an deemno op d'Präisser vun den Immobilien. Esou huet d'Europäesch Kommissioun ganz rezent dem Grand-Duché recommandéiert, d'Deductibilitéit vun den Scholdzënsen erof ze setzen[1]. Wann dëst och fir d'Loyer'en géing agefouert ginn, wéi de Petitionär dat virschléit, géif sech deemno d'Fro stellen, a wéi engem Mooss dëst vum Marché géif absorbéiert ginn. Domat géing dat eigentlecht Zil net erreecht ginn, ganz am Géigendeel. De Risiko wier grouss datt d'Loyer'en weider klammen géinge. Dobäi muss een och am Hannerkapp behalen datt esou eng Mesure, d.h. d'Deductibilitéit vum Loyer, net cibléiert deene Leit géif hëllefen déi hei viséiert sinn, respektiv Hëllefen am meeschten brauchen. Virun dësem Hannergrond wier et net sënnvoll weider zousätzlech Deductiounen anzeféieren.

[1] Cf. Recommendation for a COUNCIL RECOMMENDATION on the 2023 National reform Programme of Luxembourg and delivering a Council opinion on the 2023 Stability Programme of Luxembourg, p. 12, "*Reduce risks related to the housing market, in particular by reducing mortgage interest deductibility, and by taking measures to increase the supply of buildable land*."